N°1211
Entrée le 19.09.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.09.2024
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 19. September 2024

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro iwwert **d'Tablet-Computeren an de Lycéeën** un den **Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend** weiderzeleeden.

Am Kader vun der Strategie "one2one" verfollegt den Educatiounsministère d'Zil, fir d'Aféiere vu mobile Geräter wéi Tablet-Computeren am Secondaire ze verallgemengere fir dës als pedagogeschen Outil kënnen ze benotzen. Fir dëse Projet ze begleeden huet de Centre de Gestion informatique de l'éducation (CGIE) en Akafsprogramm iwwert eng Rei Jore lancéiert. D'Bereetstelle vun de Geräter un d'Kanner a Jugendlech baséiert op engem Locatiounsmodell mat enger finanzieller Bedeelegung vun den Elteren an Héicht vu 50 Euro pro Schouljoer.

Eisen Informatiounen no hunn zur Rentrée a verschidde Lycéeën nach net all déi nei Schüler*innen en entspriechend Gerät kënnen zur Verfügung gestallt kréien, an dat obwuel si an enger sougenannter "Tablet-Klass" sinn. Eltere vun de concernéierte Schüler*innen kruten op Nofro hi gesot, dës Geräter solle viraussiichtlech am November ukommen an et hätt budgetär Grënn, dass si aktuell nach géife feelen.

Doriwwer eraus goufen et eisen Informatiounen no och Changementer bei der finanzieller Prise en charge, wann Tablet-Computere verluer oder zerstéiert ginn. Wärend an der Vergaangenheet d'Elteren hei eng pauschal Franchise vun 100€ a Rechnung gestallt kruten, missten si elo de Reschtwäert rembourséieren, deen sech op e Villfacht vun dem Montant ka belafen. Och hei kruten Elteren op Nofro hi gesot, dëse Changement wier op budgetär Grënn zeréckzeféieren.

An dësem Kontext erlaben ech mer follgend Froen un den Här Minister ze stellen :

1. **Stëmmt et, dass verschidde Schoulen aktuell nach net genuch Tablet-Computeren fir déi nei Schüler*innen zur Verfügung hunn? Wa jo, kann de Minister eis opschlësselen, wéi eng Schoulen dëst sinn, a wéivill Geräter hinne jeeweils feelen?**
2. **Bis wéini rechent de Minister domat, dass all d'Schoule genuch Tablets hunn?**
3. **Falls et wierklech budgetär Contraintë beim Akaf vun Tablet-Computere gëtt: anticipéiert de Ministère, dass dës sech iwwert den Zäitraum vum pluriannuelle Budget wäerte widderhuelen? Wa jo, gëtt et schonns Iwwerleeungen, fir dëse Probleemer entgéint ze wierken?**
4. **Kann de Minister déi uewe genannten Ännerunge bei der Prise en charge vu verluerenen oder futtissen Tablet-Computere confirméieren? Wa jo, ass dëse Changement effektiv op budgetär Iwwerleeungen zeréck ze féieren?**

5. **Kann de Minister eis d'Formel bzw. den Tableau fir d'Determinatioun vum Reschtwäert kommunizéieren?**
6. **Falls en Tablet-Computer duerch en Accident futti geet oder verluer gëtt, kënnen Elteren de Reschtwäert op hir Versécherung huelen?**
7. **Wat geschitt, wann Elteren dës Zomm net kënnen oder wëlle bezuelen, wëssend dass den Tablet-Computer en essentiellen Deel vum pedagogesche Konzept an de betraffene Klassen ass an d'Schüler*innen dowéinst ouni Tablet eng seriö Benodeelegung kéinten erfueren?**

Mat déiwem Respekt,

**Djuna BERNARD**

Deputéiert